ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Den nationale geeschtleche Rot vun de lëtzebuerger Baha'i huet der Chamber, a méiglecherweis aneren Autoritéiten, eng Kopie vun engem Bréif zoukomme gelooss, deen déi international Communautéit vun de Baha'i un de President vun der Islamescher Republik Iran geschéckt huet.

An deem Bréif gëtt op déi staark Oppressioun opmierksam gemaach, déi d'Baha'i am Iran duerchmaachen. Et geet virun allem dorëms, datt de Kanner a Jugendlechen aus dëser Communautéit den Accès un d'Bildung verbuede gëtt, an datt et d'Baha'i am Iran ganz schwéier bis onméiglech gemaach gëtt, e Beruff auszeüben an esou fir de Liewensënnerhalt vun hirer Famill ze suergen. Am Bréif un de President vun der Islamescher Republik Iran steet den Ausdrock vu „ekonomeschen Apartheid".

Dowéinst wéilt ech dem Här Bausseminister dës Fro stellen:

- *Wéi eng konkret Schrëtt ënnerhëlt d'Regierung, op bilateralem Plang, bannent der europäescher Baussepolitik an op internationalem Plang (UNO, …), fir datt d'Mënscherechter an déi reliéis Fräiheeten am Iran geséchert ginn, dës fir d'Baha'i an all aner reliéis Communautéiten?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten